
# UNESCO VËLOS-TOUR

## LUXEMBOURG-CITY














[1] *Zitadell um Hellege Geescht*
[2] *Park an der Péitruss*
[3] *Stater Park*
[4] *Vue op d'Corniche*


*© Vic Fischbach*


LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

VILLE DE LUXEMBOURG

Organisation des Nations Unies pour l'éducation, la science et la culture

Commission luxembourgeoise pour la coopération avec l'UNESCO

# UNESCO Vëlostour

Zanter 1994 stinn d'Festungswierker vun der Stad Lëtzebuerg an hir al Quartieren op der Lëscht vum Patrimoine mondial vun der UNESCO.

D'UNESCO-Promenad zu Fouss, genee wéi dësen Tour mam Vëlo, erlaben et, de Site mat senge schéinsten Attraktiounen an 90 Minutten ze entdecken. De Parcours huet eng Längt vun 9,5 km, de Fousswee eng Längt vun 2,5 km.

D'UNESCO consideréiert d'Stadbild vu Lëtzebuerg als en aussergewéinlechen urbanisteschen Ensembel. An der Landschaft kann ee kloer déi verschidde signifikant Bauperioden aus der Geschicht identifizéieren. *„Déi eeler Staddeeler a Festungspartië vu Lëtzebuerg leien an engem eenzegaartege Raum an erënneren un déi ursprünglech Festungsstad. Lëtzebuerg, dat ëm 963 gegrënnt gouf, huet während Joerhonnerten eng wichteg Roll an der europäescher Geschicht gespillt"* liest een am Rapport vun der 18. Sessioun vum Comité pour le patrimoine mondial, dee sech vum 12. bis de 17. Dezember 1994 zu Phuket versammelt hat.

## 1) D'Constitutiounsplaz an de Boulevard F.D. Roosevelt

D'Place de la Constitution gouf op der Plattform vum Bastion Beck amenagéiert, dee 1644 gebaut gi war, an déi 1685 vum Sébastien Le Prestre de Vauban, dem Architekt a militäreschen Ingenieur ënnert dem Louis XIV, nei amenagéiert ginn ass. D'Visite vun de Kasematten ënnert der Plaz, erlaabt am Kader vun enger moderner Zeenographie, eng Partie vun den ënnerierdesche Galerien ze entdecken, déi vun der Festungsgarnisoun genotzt goufen.

D'Place de la Constitution bitt en exceptionnelle Panorama iwwert dat gréngt Péitrussdall, de Plateau Bourbon an op d'Nei Bréck (Pont Adolphe).

**Gëlle Fra**

*D'Gëlle Fra ass d'Wierk vum Lëtzebuerger Sculpteur Claus Cito. Dëst Monument ass 1923 opgestallt ginn, fir deene Lëtzebuerger ze gedenken, déi ënnert dem franséische Fändel am Éischte Weltkrich gedéngt hunn. 1940 ass dëst Monument vum Nazi-Okkupant zerstéiert ginn. 1984 ass et restauréiert ginn. D'Statu stellt déi griichesch Sigesgëttin Nike duer. Se steet op engem 21 m héijen Obelisk.*

D'Kathedral vu Lëtzebuerg war 1613, wéi se gebaut gouf, d'Kierch vun de Jesuittepateren zu Lëtzebuerg. Se ass e schéint Beispill vun der Spéitgotik a räich u wäertvolle Renaissance-Skulpturen. 1794 gouf d'Statu vun der Muttergottes, der Tréischterin am Leed, Patréinesch vu Stad a Land, definitiv an der haiteger Kathedral opgestallt. De Poopst Pius IX. huet d'Kierch zur Bëschofskierch vu Lëtzebuerg ernannt. 1870 war Lëtzebuerg en eegene Bistum ginn. 1935 an 1938 gouf d'Kathedral no Süden hi vergréissert. An der Krypta sinn d'Griewer vun de Lëtzebuerger Bëscheef an déi vun de Membere vun der groussherzoglecher Famill ze gesinn. Och de Jang de Blannen (1296-1346), Jong vum Keeser Henri VII a Kinnek vu Béimen, läit hei. De Jang de Blannen ass gestuerwen an der Schluecht vu Crécy.

An den Nopeschgebaier vun der Kathedral, déi op d'Constitutiounsplaz ginn, war fréier (1603-1773) de Jesuitte-Kolléisch. Am 19. Joerhonnert war hei de „Kolléisch", den « Athénée grand-ducal » doheem. Vun 1973 bis 2019 war hei d'Nationalbibliothéik ënnerbruecht. Am Haff vun der Kathedral, do, wou déi éischt Synagog stoung, gouf 2018 d'Monument fir d'Erënnerung un d'Affer vun der Shoah zu Lëtzebuerg opgeriicht. Et ass e Wierk vum Shelomo Selinger, engem franséisch-israelesche Sculpteur, dee selwer Affer vun der Shoah gi war.

Fuert vun hei aus a Richtung „Nei Bréck". Dir kommt bei de « Casino Luxembourg - Forum d'art contemporain », deen Ausstellungen zur zäitgenëssescher Konscht weist. Déi international Programmatioun setzt besonnesch Akzenter op jonk Talenter. Dëse Konschtzenter ass ëffentlech, mee kann och privat gelount ginn, fir datt Leit sech kënne bei zäitgenëssescher Konscht zesummefannen. De Forum d'Art Contemporain ass am fréiere Bierger Casino (1880) ageriicht. Hei huet den ungaresche Komponist Franz Liszt 1886 säi leschte Recital gespillt. Vun 1959 bis 1990 war de Foyer Européen vun der CECA (Communauté Européenne du Charbon et de l'Acier) hei doheem.

## 2) D'Nei Bréck, d'Metzer Plaz an d'Villa Pauly

Um lénke Bréckekapp vun der „Neier Bréck" (Pont Adolphe) steet e Kilometersteen vun der Voie de la Liberté. 1446 km laang ass dëse Wee, dee fir d'Victoire vun den Alliéierte fir d'Befreiung vu Frankräich, der Belsch a Lëtzebuerg um Enn vum 2. Weltkrich steet. De Wee erënnert un den Itineraire vun der 3. Amerikanischer Arméi ënnert der Leedung vum General George S. Patton.

D'Adolphe-Bréck ass e Symbol fir Lëtzebuerg: si ass a Lëtzebuerger Sandsteen gebaut a benotzt den Zement an de Béton armé. De Steen steet fir déi traditionell Baumaterialer, während de Bëtong vum Bréckendeckel déi nei Baumaterialer representéiert, déi d'Lëtzebuerger Eisenindustrie produzéiert huet.

Dës Bréck gouf tëscht 1900 a 1903 no de Pläng vum Ingenieur Paul Séjourné gebaut. Amplaz 24 Béi wéi bei der „Aler Bréck" (Viaduc), déi während der Festungszäit opgeriicht gouf, weist dës Bréck zwee grouss Béi, déi niewentenee stinn. Se haten deemools déi gréisste Spannwäit weltwäit (84,55m). Zanter 2017 verleeft ënnert der Bréck eng Passerell fir Foussgänger a Vëlosfuerer. Se setzt d'Ingenieurs-Baukonscht voll en valeur.

*Kënnt een ënnert der Bréck riets eraus, fiert ee laanscht de „Friddensbam", deen 2018 opgeriicht gouf, fir un de 50. Anniversaire vum Fräiwëllegecorps vun der Arméi a fir d'150 Joer Militärmusek am Grand-duché ze erënneren. De „Friddensbam" ass e Wierk vun der Kënschtlerin Hedva Ser, eng vun der UNESCO unerkannten Artistin fir de Fridden, déi sech och fir den Dialog tëschent de Kulturen a fir d'Inclusion sociale asetzt.*

D'Metzer Plaz kritt hire Charme duerch d'Neo-Renaissance Gebai mat polygonalem Tuerm, dat 1911 als Siège vun der Spuerkeess gebaut gouf (Architekt Jean-Pierre Koenig). De Bankemusée ass an der fréierer Schalterhall installéiert. E verzielt d'Geschicht vun der Finanzplaz Lëtzebuerg. Déi riets Hallschent vun der Plaz gëtt duerch dat fréiert Eisebunnsdirektiouns-Gebai (1913, Architekt Joseph Jüsgen) beherrscht. Während der Liberatioun (1944-1945) huet de Generol Omar Bradley, Commandeur en chef vun der 12th US Army Group, hei säin Head Quarter ageriicht. D'Europäesch Vocatioun vum Grand-duché geet op d'Virkrichsjoren zeréck. Een Héichpunkt dovun ass, datt zu Lëtzebuerg d'Institutioune vun der CECA hir Dieren opmaachen (Communauté Européenne du Charbon et de l'Acier). D'Communauté huet zu Lëtzebuerg den 10. August 1952 ugefaang mat schaffen. Haut sinn an deem Gebai Servicer vun der Spuerkeess doheem.

Op n° 57 um boulevard de la Pétrusse steet d'Villa Pauly. Hiren Numm erënnert un den éischte Proprietär, den Dr Norbert Pauly. Am Krich war säin Haus zum Sëtz vun der Gestapo ëmfunktionéiert ginn. Hei goufe méi ewéi 2.000 Persoune verhéiert an dacks torturéiert. Gedenkplacken erënneren un dës däischter Zäiten, wou Resistenzler gepéngegt goufen a Patrioten ënnert dem Nazi-Terror gelidden hunn, well si fir d'Fräiheet vum Land stoungen. Eng aner Plack erënnert drun, datt hei 1941 d'Deportatioun fir jiddesch Matbierger geplangt an organiséiert gouf. 1.300 Kanner, Fraen a Männer si bei der Shoah zu Lëtzebuerg ëm d'Liewe komm. Op n° 74 um Boulevard de la Pétrusse war bis zur Deportatioun d'Schoul vun der jiddescher Communautéit.

## 3) De Park an der Péitruss an d'Greinskapell

De Park an der Péitruss gouf Enn vum 19. Joerhonnert vum franséische Landschaftsarchitekt Edouard André (1840-1911) an engem romantesche Geescht ugeluecht. E kritt säi Charakter duerch d'Mise en valeur vun der accidentéierter Landschaft, deenen apaarte Fielsformen, de Ruine vun de Festungsanlagen. De Park gëllt och als e Loftkorridor tëschent de bebaute Plateaue ronderëm. Informativ Panneaue goufe vum Naturmusée laanscht de Wee opgestallt. Se verzielen d'Geschicht vun der Geologie vun de Fielsen. Déi fréier Gäert vun de Geméishändler aus der Stad leie schéi südlech der Sonn entgéint. Se sinn als historesch Zäitzeie klasséiert. De Vëlosfuerer fiert weider a Richtung Fausse-Braie Beck-Jost, Ravelin de la Pétrusse, ënne laanscht d'Bastioune Beck (Héicht 27 m) a Louis, déi ënnert der Direktioun vum Militär-Ingenieur Sébastien le Prestre de Vauban (1633-1707), opgeriicht goufen. De Wee féiert och laanscht d'Iwwerreschter vun der Bourbonsschleis aus dem 18. Joerhonnert. D'Greinskapell, déi an de Fiels agebaut ass, weist zum Dall hin eng Fassad, déi op d'14. Joerhonnert datéiert. Et ass eng vun deenen eelste Kultplazen aus der Stad. De Skatepark, dee säitlech ënnert dem Viaduc vun der Stadt amenagéiert gouf, integriert sech gutt an d'Landschaft. De Viaduc, och nach „Passerell" genannt, gouf vun den Ingenieuren Nepomuk Achille Grenier an Auguste Letellier entworf. En ass tëschent 1859 an 1861 gebaut ginn, fir de Garer Quartier mat der Stad, déi deemools eng Festung war, ze verbannen. Zweemol gëtt d'Bréck méi breet gemaach, 1958 an 2018.

**De Londoner Vertrag**

*De Londoner Vertrag vum 11. Mee ass vun de groussen europäesche Muechte vun där Zäit ënnerschriwwe ginn, an huet d'Neutralitéit vum Grand-duché proklaméiert. Fir dës Neutralitéit ze garantéieren, hunn d'Festungswierker vun der Stad Lëtzebuerg, déi deemools de „Gribraltar vum Norden" war, misste geschleeft ginn. Si hunn ni méi dierfen opgeriicht ginn. D'Garnisoune mat ëm déi 4.000 Zaldoten, déi zu der däitscher Bundesgarnisoun gehéiert hunn an deemools an der Stad stationéiert waren, hu missen heemgoen. Haut bestinn nach 23 km vun den ënnerierdesche Kasematten um Terrain vun der Festung. Déi drëtt Enceinte ass en Deel vun de Wenzel- a Vauban-Trëppelweeër.*

## 4) Am Gronn

Mir fuere laanscht de Minigolf an de Miniatur-Zuch, a kommen an de Gronn. D'Stéck Mauer an der Entrée vun dësem Quartier erënnert un déi al Rankmauer aus dem 14. Joerhonnert. Se steet nieft der fréierer „Diddenuewener Puert". De Bléck no uewe léisst e spuenesche Tiermche vum fréiere Fort Verlorenkost erkennen. Op n° 7 an der Thilleschgaasss (rue St Ulric) gouf den Eugène Ruppert gebuer. Hie gëllt als de Lëtzebuerger Papp vun der gréisster chinesescher Eisenindustrie, den Iron & Steel Works vun Han Yang (1894-1911), wou 26.000 Aarbechter beschäftegt waren. D'Iwwerreschter vun der fréierer Grënner Schleis sinn haut als Aussiichtspunkt amenagéiert. Dës redoutabel Fassong, d'Festung ze verdeedegen, gouf ni genotzt. Den Ingenieur de Beauffe hat dëse System entwéckelt, fir d'Uelzecht- an d'Péitrussdall kënnen ënner Waasser ze setzen. E puer Placken um Haus n° 14 erënneren un den Niveau vum Héichwaasser an de Jore 1756 an 1806. Dat längelzegt Gebai um Fouss vun der Ënnerstad war de Prisong an de Joren 1809 bis 1869. En face gesäit een op der Fassad eng Plack, déi un d'Gebuert vum Grof Jean Aldringen (1588-1634) erënnert. Hie war am 30-järege Krich Kommandant vun der keeserlecher Arméi. De Quartier vum Gronn läit um Bord vun der Uelzecht. Et war ee vun deene meescht bewunnten Deeler vun der Stad virum 10. Joerhonnert. Hei hu besonnesch Handwierker, Gierwer a Brauer gelieft, déi d'Waasser vun der Uelzecht gebraucht hunn, an och Geschäftsleit. De Quartier läit an der Haaptzon vun der UNESCO geschützter Alstad. D'Vëlospist Centre PC 1 kënnt iwwert Hesper an de Gronn. Si fiert der Uelzecht no, ronderëm d'Uewerstad. Et kritt een den Uschloss fir op de Kierchbierg an op d'Vëlospist PC 2.

Am Gronn, am Alen Hospiz (14. Jh.) ass den Naturmusée zanter 1996 doheem. Am 19. Joerhonnert war den Hospiz e Fraeprisong ginn. Déi fréier Benediktinerabtei vun Neimënster gouf 1606 gebaut an an der franséischer Revolutioun sekulariséiert. Am 19. Joerhonnert gouf de Site als Prisong amenagéiert. Zanter 2004 ass hei de Centre Culturel de Rencontre Abbaye de Neumünster (Neimënster) installéiert. Déi fréier Abteikierch St Jean gouf zesumme mat der Abtei gebaut. D'Kierch gesäit haut esou aus, wéi se 1688 a 1705 ausgeféiert gouf. Se huet e räiche barocke Mobiliar an eng Uergel aus dem Joer 1710, déi als Monument historique klasséiert gouf. An der Säitekapell gëtt eng schwaarz Madonna aus dem 14. Joerhonnert veréiert.

*D'Tréierer Strooss féiert erop op d'Rumm bei d'Kasären, déi de Vauban no 1685 opriichte gelooss huet a wou d'Bundesfestung 1862 nach eng bäigesat huet. Hei sti sechs Wuechttierm an déi fréier „Dënselspuert", déi och Jacobs-Tuerm genannt gëtt. Se gehéieren zu der Wenzelrankmauer aus dem 14. Joerhonnert. Vun der Rumm aus huet ee wonnerbar Panoramavuen op d'Uewerstad an op de Gronn.*

## 5) D'Ënnerstad Clausen an d'Schlass „La Fontaine"

Op der Héicht vun der Rue de la Tour Jacob féiert eise Wee duerch déi Plaz, wou fréier d'Tréierer Puert (1590) stoung. Eng Passerell geet iwwert dëse Wee. Se gehéiert zum Wenzelswee laanscht d'Remparten. De Vëloswee geet weider a Richtung Clausen, e Quartier, deen zanter der Grënnung vun der Abtei vu Mënster am Joer 1083 mat Béierbraue verbonnen ass. De fréiere Site vun der Brauerei „Mousel" heescht haut « Rives de Clausen » an ass eng flott Plaz fir nuets erauszegoen.

Um Vëlo fiert ee laanscht eng Puert, déi fréier an de Park vum Schlass « La Fontaine » vum Grof Pierre Ernest de Mansfeld (1517-1604), Gouverneur vum Herzogtum Lëtzebuerg, geféiert huet. Dono geet et weider ënnert enger zweeter Puert erduerch, déi zu der fréierer Brauerei gehéiert huet. Nodeems de Pierre-Ernest de Mansfeld d'Haiser, déi um Site vu sengem zukünftege Schlass stoungen, ofrappe gelooss hat, an d'Leit geréckelt hat, huet e 1563 säi Schlass « La Fontaine » gebaut. De „Park Mansfeld" läit op der Terrass vun den ieweschte Gäert. E gouf zum groussen Deel amenagéiert um Site vun deenen zwee Parterren, op deenen ursprénglech de Labyrinth an de Bongert ugeluecht waren. Ënnert dem Buedem sinn de Péitruss-Bassin an de Venus-Bassin erhalen. D'Sichtachse konnte bis haut erhale bleiwen. De Site ass denkmalgeschützt. D'Ausgruewungen an d'Restauratiounsaarbechte sinn nach am Gaangen. Mam Vëlo geet et weider laanscht d'Uelzecht, op deem Tracé, deen de Mansfeld am Kader vum Amenagement vu sengem Park a Bau vu sengem Schlass « La Fontaine » esou uleeë gelooss hat.

*D'Kierch vu Clausen ass der helleger Kunigunde geweit. De Bau datéiert vun 1865. De Staatsarchitekt Charles Arendt hat en entworf, an d'Kierch gëllt als eng vun den éischte Realisatiounen an der Neigotik zu Lëtzebuerg. De liturgesche Mobilier konnt erhale bleiwen. De Charles Arendt hat och dësen entworf, an de Miwwelschräiner Stephan vu Köln huet e realiséiert. D'Wandmolereien datéiere vun 1906.*

De Wee erop an d'Rue Jules Wilhelm an Direktioun vum Kierchbierg féiert laanscht d'Gebuertshaus vum Robert Schuman. Hie war vun 1958 bis 1960 den éischte President vum Europäesche Parlament, dat him, um Enn vu sengem Mandat, den Titel vu „Père de l'Europe" ginn huet. De Wee féiert och laanscht de fréiere Garnisounskierfecht, laanscht d'Tour Malakoff (1860) a laanscht deen eelste jiddesche Kierfecht an der Stad (1824).

## 6) D'Hondhaus an de Parc Odendahl

Um Fouss vum imposante Militärwierk "Fort Obergrünewald", dem Musée 3 Eechelen an dem Musée d'Art Moderne „MUDAM", an ënnert dem Eisebunns-Viaduc erduerch, steet d'Hondhaus, och nach Margarethen-Klause genannt. Hiren Ursprong féiert op d'13. Joerhonnert zeréck. D'Gebai ass haut bewunnt. Et gouf op Initiativ vum Grof Mansfeld am 16. Joerhonnert gebaut.

Ënnert dem Bockfiels a bei der Uelzecht läit d'Jugendherberg. An hirem Gaart gesäit een eng Plack, déi un de Passage vum Goethe am Oktober 1792 erënnert. De Wee féiert weider an d'Direktioun vun der aler Moschterfabrik „Muerbelsmillen". E geet weider laanscht d'Abtei vum „Hellege Geescht" (1690). Dëse Site gouf am 19. Joerhonnert industriell genotzt an ass zanter 1842 Hospice civil. D'Uergel an der Kierch gouf 2002 denkmalgeschützt.

*D'Moschterfabrik huet tëschent 1922 an 1985 funktionéiert, während den Ursprong vun der Muerbelsmillen allerdéngs op 1083 zeréckgeet. Beim grousse Waasserrad am Kanal geet d'Visite vun der Mille lass. Um éischte Stack, do, wou fréier d'Moschterkäre gemuel goufen, gesäit een nach déi al Millesteng an hiert Spill a beschtem restauréierten Zoustand. Filmextraite weisen, wéi an der Mille geschafft gouf.*

Um Vëlo geet et weider duerch de Park Odendahl laanscht d'Uelzecht. Den Numm vum Park erënnert un eng al Famill vu Geméishändler, déi op n° 16 an der Rue Vauban gelieft huet.

## 7) De Pafendall

De Quartier „Pafendall" war ee vun deene wichtegen Deeler vun der fréierer Festungsstad. En ass haut Deel vun der Zone tampon vun der UNESCO. De Vauban hat vu 1685 un dës Ënnerstad mat an d'Festung erageholl. Dorunner erënneren haut nach d'Sichen- an d'Eecher-Puert. Dës zwou Puerte sinn haut Deel vum Circuit Vauban, deen eropféiert bei d'Festungswierker vun der Gréngewalder Front. Déif Grief, Zuchbrécken a Schéissscharten hunn d'Defense vun dëse Puerte geséchert. Wann awer e Feind ze no komm ass, konnt op hien duerch Ëffnunge gliddegen Ueleg an Ierzen erofgeschott ginn. Dieren um éischte Stack hunn d'Puert mam Rondgang verbonnen an esou fir d'Sécherheet gesuergt. Virun der Eecher Puert steet e weidert Festungswierk, eng Caponnière a Form vun engem Feil. Zanter 1743 vedeedegt dës Anlag de Gruef vun der Puert. Den héije Kamäin um Bord vum Waasser erënnert un déi al Waasserpompelstatioun, déi d'Waasser erop an d'Uewerstad gepompelt huet. Tëschent deenen zwee Vaubans-Tierm geet eng Mauer iwwert d'Uelzecht, „de Béinchen". Am Sichentuerm gëtt e Film iwwert d'Geschicht vum Quartier gewisen. De Wunnquartier „Béinchen" war den 30. Mee 1976 duerch eng Explosioun zerstéiert ginn. Et gouf 3 Doudeger an 21 Blesséierter. Den Îlot gouf tëschent 1982 a 1986 nees nei opgebaut.

Direkt vis-à-vis steet d'Pafendaller Kierch, déi dem hellege Matthieu dediéiert ass. Se gouf 1871/72 a byzantineschem Stil vum Staatsarchitekt Charles Arendt gebaut. Bannena gesäit een e wonnerbaren Tableau vum Gaspard de Crayer (1584-1669). Um Späicher vum Säiteschëff hate sech sechs Lëtzebuerger Refractairë während dem 2. Weltkrich verstoppt. Haut gëtt d'Kierch vun der orthodoxer Gemeinschaft zu Lëtzebuerg fir Gottesdéngschter benotzt.

*E bësse méi erof am Dall an op der Grenz zur UNESCO Zon steet d'Pafendaller Gare mam Funiculaire Pafendall-Kierchbierg (2017). Se verbannen de Pafendall mam Europa-Véierel Kierchbierg an de Lëtzebuerger Eisebunnsstrecken. Mam Vëlo kënnt een hei op d'Pist PC 2 a Richtung Iechternach an op de Vëloswee PC 4, fir op d'Musel ze fueren. Ronn 100 m vum Arrêt „Pafendall-Kierchbierg" ewech läit den historesche Kierfecht vum Sichenhaff. Hei leie Communarde vu Paräis begruewen; hei steet d'Monument vum « Souvenir français » (1870), an hei ass d'Graf vum Komponist Laurent Menager.*

Den „Théiwesbuer", lénks nieft der Kierch, huet säin Numm vum Evangelist Saint-Matthieu. Hei gouf Drénkwaasser geschëpft, dat mat Eemeren an d'Stad eropgedroe gouf, sou laang et do keng Pompele gouf. Riicht eriwwer vun de Kierch, riets ënne bei der Bréck, gesäit een de fréiere Wäschbur. 2017 gouf en zu engem Kneippbad bei konstant 12 °C kalem Quellewaasser amenagéiert.

Iwwert d'Uelzechtdall féiert d'Bréck Grande-Duchesse Charlotte, och „Rout Bréck" genannt. Den Egon Jux hat de Concours fir de Bau vun dëser Bréck gewonnen. Se gouf 1962 gebaut an 1967 ageweit. D'Bréck verbënnt d'Uewerstad an de Lampertsbierg mam Europaquartier Kierchbierg. Se ass 355 m laang a steet op Stelzen, déi 234 m vuneneen ewech sinn. D'Bréck schwieft 75 m iwwert der Uelzecht. Dës technesch Prouesse weist d'Kënne vun der Lëtzebuerger Eisenindustrie vun deemools.

## 8) De Pafendaller Lift an de Groussen Theater

De Panoramalift tëschent dem Pafendall an der Uewerstad (2016) féiert ee bannent 30 Sekonne 65 m erop an d'Stad. Wann ee vun der Passerell vum Lift erauskënnt, erbléckst ee riets d'Skulptur « Passe-Muraille » vum Jean-Bernard Métais (*1954). Dëst Monument erënnert un déi fréier Remparten, déi hei stoungen. No bei der Vëlospist steet en indesche Käschtebam, deen 1921 fir d'Gebuert vum spéidere Grand-Duc Jean geplanzt gouf. De Grand-Duc Jean war de Papp vum haitege Grand-Duc Henri. Dat grousst Gebai mat neigotescher Fassad (1886) ass en Altersheim. Et dréit den Numm vu sengem Stëfter, dem Jean-Pierre Pescatore, Banquier an Tubaksproduzent. Während der Rundstedt-Offensiv (1944/1945) hat de Generol George S. Patton (1885-1945), Kommandant vun der 3. US Army, hei säin Head Quarter. An der Kapell vun der Fondatioun huet e gebiet, fir bei guddem Wieder d'Ardenner-Schluecht a beschte meteorologesche Konditioune kënnen ze féieren. Am Gelänner vun der Fondation Pescatore dréit eng Sail e klengen Daach. Et ass d'Belüftung vum fréiere Réduit Berlaimont a senge Kasematten. D'Vëlospist féiert eis a Richtung vum Monument vum Robert Schuman, Papp vun engem vereenten Europa. E war 1886 a Clausen op d'Welt komm. D'Monument gouf de 24. Oktober 1966 ageweit. Et ass e Wierk vum Architekt Robert Lentz. Um Denkmal kann ee folgende Passage liesen aus senger Ried vum 9. Mai 1950: « *L'Europe ne se fera pas d'un coup, ni dans une construction d'ensemble : elle se fera par des réalisations concrètes créant d'abord des solidarités de fait* ». Géintiwwer steet de groussen Theater vun der Stad Lëtzebuerg. E gouf de 15. Abrëll 1964 ageweit. D'Gebai gouf vum franséischen Architekt Alain Bourbonnais entworf.

## 9) De Stater Park

De Vëloswee féiert op de Rond-point Schuman a vun do aus an de Park. Dës ëffentlech Gäert goufe vum franséische Landschaftsingenieur Édouard André tëschent 1871 an 1878 realiséiert. Se iwwerdecken d'militäresch Wierker, déi um fréiere Front de la Plaine leien. Eise Parcours féiert iwwert dee baussechtsten Tour vun de Promenaden. Et geet laanscht d'„Kinnekswiss", déi gréisste Wiss am Park, déi zu Éiere vum Kinnek-Groussherzog Wëllem III. ugeluecht gouf. Op der rietser Säit, ronn 100m vun do, wou mer an de Park komm sinn, steet zanter 1975 d'Monument zu Éiere vum Jang de Blannen, Grof vu Lëtzebuerg a Kinnek vu Béimen. De Gedenksteen hat den Artist Fernand Roeltgen entworf. D'Plaz ass esou erausgesicht, datt se no bei der „Schueberfouer" ass, dat Fest, dat um Inventaire vun den immaterielle Gidder ageschriwwen ass. Ronn zwou Millioune Leit ginn alljoers op der Fouer gezielt. Mam Vëlo geet et weider a Richtung Glacis-Kapell (Notre Dame de la Paix). De Staatsarchitekt Charles Arendt hat se 1885 gebaut. Hei sinn déi zwee éischt Bëscheef vu Lëtzebuerg begruewen, d'Hochwürden Adames a Koppes. Direkt bei der Entrée vum Siège vun der Lëtzebuerger Croix-Rouge steet e Gedenksteen fir d'Aline Mayrisch de Saint-Hubert (1874-1947), eng Literatin a Militantin fir Vollekshygiène, an eng engagéiert Perséinlechkeet fir d'Rechter vun de Fraen op Educatioun. Si huet mat d'Lëtzebuerger Sektioun vun der Croix-Rouge gegrënnt. A weider geet et a Richtung Villa Vauban - Musée d'Art de la Ville de Luxembourg. Net wäit ewech vum Parcours gëtt et véier Commemoratiounsplacken, déi d'Artistin Yvette Gastauer-Claire realiséiert huet, an déi un eng Mauer vum fréiere Bastion Marie opgehaange goufen. Se gedenken de Lëtzebuerger Vëlossportler François Faber, Nicolas Frantz, Charly Gaul, Gewënner vum Tour de France 1958, an der Vëlosfuererin Elsy Jacobs, déi 1958 Weltmeeschterin an der Stroossecourse war.

*D'« Villa Vauban - Musée d'Art de la Ville de Luxembourg » ass an der schéiner Villa ageriicht, déi sech den Händschefabrikant Gabriel Mayer 1869 vum Architekt Jean-François Eydt baue gelooss hat. Den Edouard André hat de Park vun der Villa entworf a stellt en och a sengem Wierk « L'Art des Jardins » (1879) vir. D'Ausstellungen an der Villa Vauban weise Wierker aus de Kollektioune vun der Stad Lëtzebuerg. Eng gutt Partie dovu besteet aus Meeschterwierker aus dem gëllenen Zäitalter vun der hollännescher Schoul (17. Jh.) an aus franséischer Landschaftsmolerei aus dem 19. Jh. Biller a Skulpture vun europäeschen Artiste completéieren dëse wäertvollen Ensembel. An de Kollektioune sinn och eng Rëtsch Lëtzebuerger Wierker, besonnesch aus dem 19. an dem 20. Jh. Se illustréiere gréisstendeels de Mouvement vun der Lëtzebuerger „Sécessioun" vu virum Krich. Och d'Artiste vum Nokrichs-Mouvement « Iconomaques » si vertrueden.*

Mam Vëlo fuere mer iwwert d'Avenue Émile Reuter. Am Park gesi mer d'Villa Louvigny, en als nationaalt Denkmal geschützt Gebai. Et steet um fréiere Reduit vum Fort Louvigny. De fréiere Siège vun der Compagnie Luxembourgeoise de Radiodiffusion (CLR) conservéiert eng Rei Art-Décos-Elementer. De Bau war vun den Architekten Étienne Galowich a Pierre Schaack realiséiert, an 1953 vun den Architekten Nicolas Schmit-Noesen a Pierre Reuter vergréissert ginn. Vun 1933 bis 1996 war d'Villa Louvigny Sëtz vun der CLR, aus där d'Compagnie luxembourgeoise de télédiffusion erausgoung. 1966 entstoung an deem Kader Radio Télé Luxembourg (RTL). De Sall vum fréiere Radiosorchester ass erhalen.

De Wee féiert laanscht de Büst vum Mahatma Gandhi, deen 1973 hei opgestallt gouf an deen den Artist Amar Nath Sehgal (1922-2007) entworf hat.

Mam Vëlo geet et op déi aner Säit vun der Avenue Monterey. Direkt riets erkennt een d'Synagog, déi d'Architekte Victor Engels a René Mailliet 1951 entworf haten. Um Fronton liest een op Hebräesch d'Prophetie vum Aggée (2,9): « *Plus grand sera la Gloire de cette dernière Maison que celle de la première, dit l'Éternel Cebaoth, et dans ce lieu j'établirai la paix* ».


A Richtung Stadzentrum gesäit een de fräigeluechte Réduit Lambert, deen haut d'Monument « Onde » vum franséischen Artist Jean-Bernard Métais duerstellt. Et illustréiert d'Absurditéit vum Krich. De Vëloswee féiert iwwert de kënschtleche Weier, deen iwwert de Kasematte vum Fort Lambert läit. Bei der Sortie vum Park stéisst een op d'Villa Baldauff, déi den Architekt Pierre Kemp 1880 fir den Industriellen Eugène Kerckhove baue gelooss hat. Se ass Zeie vun engem Ensembel vu Villaen, déi no der Schleefung vun der Festung 1867 ronderëm de Park gebaut goufen. Mir kommen zeréck op d'Constitutiouns-Plaz.















1 *Passerell fir Vëlosfuerer a Foussgänger ënnert der Grand-Duc-Adolphe-Bréck**
2 *Uelzecht, am Gronn**
3 *Saint-Jean, am Gronn**
4 *Al Moschterfabrick „Muerbelsmillen", am Pafendall**
5 *Sichepuert, am Pafendall***
6 *Panoramalift, am Pafendall**
7 *Villa Vauban – Konschtmusée vun der Stad Lëtzebuerg**

** © Vic Fischbach / ** © SIP Christof Weber*

## E puer Schlësseldatumer an eiser Geschicht

Zur Zäit vun de Réimer hunn zwou Konsularstroossen duerch den Territoire vun der haiteger Alstad geféiert. Se hu sech gekräizt op der Héicht vum Fëschmaart, wou e befestegten Tuerm stoung.

| | |
|---|---|
| **963** | *De Grof Siegfried gëtt Proprietär vum Bockfiels. E baut do säi Schlass, d'Wéi vun der Stad.* |
| **963-1354** | *Lëtzebuerg ass eng autonom Grofschaft.* |
| **1083** | *Grënnung vun der Abtei Almënster, direkt ënnerem Schlass. Hei gëtt Latäin, Franséisch an Däitsch enseignéiert. Hei gëtt d'Fëllement vun der Lëtzebuerger Méisproochegkeet geluecht.* |
| **1244** | *Fräiheetsbréif vun der Gräfin Ermesinde: Lëtzebuerg ka sech als wirtschaftleche Standuert entwéckelen.* |
| **1340** | *Grënnung vun der „Schueberfouer" oder „Schobermess" duerch de Grof Jang de Blannen: Lëtzebuerg positionéiert sech um Handelswee Italien-Gotthard-Flandern.* |
| **1354** | *Lëtzebuerg gëtt en Herzogtum.* |
| **1443** | *Lëtzebuerg gëtt vun de Burgunder ageholl.* |
| **1443-1506** | *Burgundesch Zäit.* |
| **1506-1684** | *Spuenesch Zäit.* |
| **1554** | *Schwéier Polverexplosioun: E gudden Deel vun der Uewerstad gëtt duerch d'Feier zerstéiert.* |
| **1684** | *Lëtzebuerg gëtt vun den Truppe vum Louis XIV ageholl: Lëtzebuerg gëtt franséisch.* |
| **1684-1697** | *Franséisch Zäit – de Vauban baut d'Festung aus.* |
| **1698-1700** | *Spuenesch Zäit.* |
| **1701-1714** | *Spueneschen Ierffollegkrich.* |
| **1715–1795** | *Éisträichesch Zäit.* |
| **1795** | *Lëtzebuerg gëtt vu franséische republikaneschen Truppen ageholl: D'Land gëtt den« Département des Forêts ».* |
| **1795-1814** | *Franséisch republikanesch Zäit.* |
| **1815** | *Lëtzebuerg gëtt e Grand-duché. De Kinnek vun Holland ass duerch d'Personalunioun an engems Groussherzog vu Lëtzebuerg. D'Festung gëtt Bundesfestung vum Däitsche Bond.* |
| **1815-1890** | *D'Haus Orange-Nassau regéiert iwwert d'Land.* |
| **1839** | *Lëtzebuerg gëtt onofhängeg* |
| **1867** | *Traité vu London: Lëtzebuerg gëtt politesch a militäresch neutral; d'Festung gëtt geschleeft, d'Festungsstad gëtt zur oppener Stad.* |
| **1890-haut** | *D'Haus Nassau-Weilburg regéiert iwwert d'Land.* |
| **1914- 1918** | *Éischte Weltkrich, Violatioun vun der Neutralitéit vum Land.* |
| **1940-1945** | *Zweete Weltkrich, Violatioun vun der Neutralitéit vum Land.* |
| **1952** | *Lëtzebuerg gëtt provisoresch d'Aarbechtsplaz vun der CECA – « Haute Autorité des Communautés Européennes du Charbon et de l'Acier ».* |
| **1992** | *Den europäesche Sommet vun Édimbourg confirméiert, datt Lëtzebuerg zesumme mat Bréissel a Stroossburg Sëtz vun europäeschen Institutiounen ass.* |
| **1994** | *D'Festungswierker vun der Stad Lëtzebuerg an hir al Quartiere ginn an d'Weltlëscht vum Patrimoine bei der UNESCO opgeholl.* |
| **1995 an 2007** | *Lëtzebuerg gëtt zweemol Kulturhaaptstad: « 1995, Luxembourg, ville européenne de la Culture »; « 2007, Luxembourg et la Grande Région, capitale de la culture ».* |

## Sitten a Muséeën ënnerwee:

**Kathedral vu Lëtzebuerg**
Ëffnungszäiten: *all Dag vun 8.00-18.00 Auer*
*Rue Notre Dame / L-2240 Luxembourg*
*T. +352 46 20 23 / F. +352 47 53 81 / E. archeveche@cathol.lu*
*I.* www.cathol.lu

**Casino Luxembourg – Forum d'art contemporain***
Ëffnungszäiten: *méindes, mëttwochs, freides, samschdes, sonndes vun 11.00 bis 17.00 Auer, donneschdes vun 11.00 bis 23.00 Auer, dënschdes ass zou, genee wéi den 1. Januar, den 1. November an de 25. Dezember.*
*41, rue Notre-Dame / L-2240 Luxembourg*
*T. +352 22 50 45 / F. +352 22 95 95 / E. info@casino-luxembourg.lu*
*I.* www.casino-luxembourg.lu

**Musée de la Banque**
Ëffnungszäiten: *méindes-freides vun 09.00-17.30 Auer*
*1, Place de Metz / L-2954 Luxembourg*
*T. +352 40 15 24 50 / E. r.kettel@bcee.lu*
*I.* www.bcee.lu

**Naturmusée***
Ëffnungszäiten: *dënschdes vun 10.00-20.00 Auer, mëttwochs bis sonndes vun 10.00-18.00 Auer, méindes ass zou.*
*24, rue Münster / L-2160 Luxembourg*
*T. +352 46 22 33 1 / F. +352 47 51 52 / E. musee-info@mnhn.lu*
*I.* www.mnhn.lu

**Centre Culturel de Rencontre Abbaye de Neumünster (Neimënster)**
Ëffnungszäiten: *méindes bis freides vun 8.00-19.00 Auer, de Weekend vun 10.00-18.00 Auer*
*28, rue Münster / L-2160 Luxembourg*
*T. +352/26 20 52 1 / E. contact@neimenster.lu*
*I.* www.neimenster.lu

**Parc Mansfeld**
Ëffnungszäiten:
*01.11. - 28.02. vu 7.30 bis 18.00 Auer*
*01.03. - 31.03. vu 7.30 bis 20.00 Auer*
*01.04. - 30.09. vu 7.00 bis 22.00 Auer*
*01.10. - 31.10. vu 7.30 bis 20.00 Auer*
*Tëscht der Place Sainte-Cunégonde an der Rue de Clausen.*

**Fort Thungen – Musée Dräi Eechelen***
Ëffnungszäiten: *dënschdes, donneschdes bis sonndes vun 10.00-18.00 Auer, mëttwochs vun 10.00-20.00 Auer, méindes ass zou.*
*5, Park Dräi Eechelen / L-1499 Luxembourg*
*T. +352 26 43 35 / F. +352 26 43 35 99 / E. info@m3e.etat.lu*
*I.* www.m3e.lu

**MUDAM-Musée d'Art Moderne Grand-Duc Jean***
Ëffnungszäiten: *donneschdes bis méindes a während de Feierdeeg vun 10.00-18.00 Auer, mëttwochs vun 10.00-23.00 Auer (d'Ausstellungsraim maachen um 22.00 Auer zou), dënschdes ass zou.*
*3, Park Dräi Eechelen / L-1499 Luxembourg*
*T. +352 45 37 85-960 / F. +352 45 37 85-400 / E. info@mudam.lu*
*I.* www.mudam.lu

**Moschterfabrick „Muerbelsmillen" Dokumentatiounszenter**
Ëffnungszäiten: *samschdes a sonndes vu 14.00-18.00 Auer*
*69, rue Mohrfels / L-2158 Luxembourg*
*T. +352 4796 4501 / E. visites@2musees.vdl.lu*
*I.* www.citymuseum.lu

**Villa Vauban* de « Musée d'Art de la Ville de Luxembourg »**
Ëffnungszäiten: *méindes bis sonndes vun 10.00-18.00 Auer, donneschdes vun 10.00-21.00 Auer, dënschdes ass zou.*
*18, avenue Émile Reuter / L-2420 Luxembourg*
*T. +352 47 96 49 00 / E. villavauban@2musees.vdl.lu*
*I.* www.villavauban.lu

**Luxembourg City Tourist Office**
Ëffnungszäiten: *01.10.-31.3. vu méindes-samschdes vun 9.00-18.00 Auer*
*01.04.-30.9. vu méindes-samschdes vun 9.00-19.00 Auer*
*Sonndes an um Feierdag vun 10.00-18.00 Auer*
*Zou: 01.01; 25.12*
*30, place Guillaume II / L-1648 Luxembourg*
*T. +352 22 28 09 / F. +352 46 70 70 / E. touristinfo@lcto.lu*
*I.* www.luxembourg-city.lu

****Gratissen Entrée mat der „Luxembourg Card"***
*Während engem, zwee oder dräi Deeg kënnt Dir eleng oder an engem Grupp vu bis zu fënnef Leit gratis Entréeën hu bei méi ewéi 60 Muséeën an Attraktiounen uechter d'Land. Dobäi kënnt, datt mat der „Luxembourg Card" den ëffentlechen Transport (Bus, Tram, Bunn) iwwerall gratis ass.*

*www.visitluxembourg.com. Kuckt och am App Store a bei Google Play. Präis 13 - 68 €, eng Informatiounsbroschür ass am Präis mat abegraff.*

*Gitt mat bei enger Visite guidée: Kasematten um Bock, Trëppelweeër Wenzel, Vauban. Gitt mat bei der City Promenade.*

izi.TRAVEL
the storytelling platform

*UNESCO World Heritage - Bike Tour Luxembourg – UNESCO Walking Tour", lued Iech d'App vu "Spoticle" oder izi.TRAVEL op Äre Smartphone, a kuckt Iech d'Säit vun UNESCO.lu un.*

SYNDICAT DU STADGRUND
www.grund.lu

**Sécher ënnerwee**

Zwee Vëlosfuerer dierfe niewentenee fueren ausser
- an de Kéieren
- op enger Zuchbarrière
- virun enger Kopp
- nuets
- wann se am Stroosseverkéier hënneren

- *Gitt matzäit en Zeeche mam Aarm, wann Der d'Direktioun changéiert.*
- *Et däerf een net mat Kopfhörer fueren.*
- *Fuert riets laanscht d'Gefierer, déi no bei enger Kräizung oder bei Zebrasträife geparkt sinn.*
- *Wann Dir de Vëlo mat der Hand dréckt, sidd Dir e Foussgänger an Dir musst um Trottoir goen. Wa keen Trottoir oder kee Summerwee do ass, musst Dir op der rietser Säit vun der Strooss goen.*
- *Uechtgedoen! Stellt Iech w.e.g. ni niewent e Camion oder e Bus! Den doudege Wénkel mécht, datt de Chauffer Iech net ka gesinn.*
- *Dot e Casque un a gutt sichtbaart Gezei, gebraucht Reflekteren!*
- *Haalt Distanz par rapport zu de geparkte Gefierer, fir jiddwer Kollisioun mat enger Dier, déi opgeet, ze evitéieren.*

**Äre Vëlo muss dëst Equipement hunn**

1. eng Schell
2. zwou Bremsen
3. eng wäiss oder eng giel Luucht vir
4. op d'mannst 2 Reflektere pro Rad oder e Band, dat reflektéiert, iwwert d'Pneuen.
5. Reflekteren op de Pedallen
6. hannen eng rout Luucht
7. hannen e roude Reflekter

SÉCURITÉ ROUTIÈRE LUXEMBOURG
www.securite-routiere.lu

**Editeur:** *Commission luxembourgeoise pour la coopération avec l'UNESCO an Zesummenarbecht mat: Ministère de la Culture, Ministère du Développement durable et des infrastructures, Stad Lëtzebuerg, Luxembourg City Tourist Office, Comité Alstad, Syndicat des Intérêts Locaux Pfaffenthal-Siechenhof, Syndicat des Intérêts Locaux du Stadtgrund, Les Amis du château de Clausen, Actioun Lëtzebuergesch, Frënn vun der Festungsgeschicht, Geschichtsfrënn St Quirinus, Lëtzebuerger Vëlos-Initiative.*
**Relecture:** *Equipe LOD* **Layout:** *binsfeld* **Fotoen:** Vic Fischbach / Christof Weber **Drock:** *Druckerei Reka Print+* **Tirage:** *1000 ex., Joer 2019.*